PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°900 iwwert d'Nuetszich hat de Minister geschriwwen, dass de leschten internationalen Nuetszuch de 26te Juni 2016 vu Lëtzebuerg aus fortgefuer ass. Dës Weidere schreift de Minister, dass Lëtzebuerg als Arrêt fir international Nuetszich aus wirtschaftleche Grënn wéineg Potenzial besëtzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass et sënnvoll am Kontext vun enger nohalteger Klima – an Ëmweltpolitik, international Nuetszich fir Lëtzebuerg aus reng wirtschaftleche Grënn ze ecartéieren?

2. Ass d'Regierung der Meenung, dass bei feelender Wirtschaftlechkeet de Staat d'Nuetszich misst subventionéieren?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass Lëtzebuerg dës Legislaturperiod un de Reseau vun den internationalen Nuetszich wäert ugeschloss ginn?

4. Ab Januar plangt d'éisträichesch Bundesbahn (ÖBB) d'Aféiere vun enger Linn vu Wien op Bréissel. Gesäit d'Regierung dëst Geschäftsmodell als Chance, Lëtzebuerg an domadder d'CFL erëm un dat internationaalt Nuechtszuchnetz unzeschléissen? Falls jo, wäert d'CFL d'Verhandlungen mat der ÖBB sichen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député